# GROUSSHERZOG GUILLAUME V.

## ENG HERRSCHAFT, DÉI OP D'ZUKUNFT AUSGERIICHT ASS




© Chambre des Députés

## Guillaume V.

3. Oktober 2025

***„Ech wëll de Grand-Duc sinn, dee Brécke schléit: tëschent de Generatiounen, tëschent Traditioun an Innovatioun. Ech wäert hëllefen, Brécken tëschent de Leit ze bauen, an esou zum Zesummenhalt an eiser Gesellschaft bäidroen.“***

*Auszuch aus der Ried vum Groussherzog Guillaume V.*




## Claude Wiseler

Chamberpresident



© CHD | Blitz

***„Dir sidd deen éischte Grand-Duc, deen no der Aféierung vun der neier Constitutioun vereedegt gëtt. Ären institutionelle Rôle ass do definéiert.“***

*Auszuch aus der Ried vum Claude Wiseler*



© Chambre des Députés



© Chambre des Députés



© Chambre des Députés

*Ried vum Groussherzog*

*Majestés,*
*Altesses Royales,*
*Här Chamberpresident,*
*Madame la Présidente du Parlement européen,*
*Här Premierminister,*
*Monsieur le Président du Conseil européen,*
*Dir Dammen an Hären Deputéiert a Regierungsmemberen,*
*Léif Matbierger,*

*„Ech wäert d'Liewe vu mengem Vollek liewen, vun deem ech duerch keng Barrière wëll getrennt sinn. Ech wäert seng Freed a säi Leed deelen“.*

*Mat deene Wierder huet d'Grande-Duchesse Charlotte sech den 18. Januar 1919 an hirer éischter Ried un d'Natioun adresséiert. Iwwer den Eed eraus, deen si e puer Deeg virdrun als nei Staatscheffin geleescht hat, waren dës Wierder och e Verspriechen un hiert Land an u seng Bierger.*

*Et ware Wierder, déi vun Häerze komm sinn no engem Konflikt, deen Europa zerrappt hat. Wierder, vun deenen een dunn nach net wosst, wéi wäitreechend se zwee Joerzéngte méi spéit an engem nach méi schlëmme Kataklysmus wieren. Genee 80 Joer sinn et hier, dass d'Grande-Duchesse Charlotte 1945 aus dem Exil zeréckkomm ass.*

*D'Monarchie war an deene schwéieren Zäiten e Pilier vun der Kontinuitéit vum Lëtzebuerger Staat. Si verkierpert d'Prinzippie vu Fräiheet an Eenheet; Prinzippien déi an eiser Constitutioun verankert sinn an déi eis drun erënneren, dass eis Monarchie, gëschter ewéi haut, eng Referenz an e festen Halt a Krisenzäiten ass. Duerfir ass den Eed, deen ech elo grad op d'Verfassung ofgeluecht hunn, e wichtegen institutionellen Ament vun eisem Land. [...]*

© Monarchie.lu

*Ried vum Chamberpresident*

*Majestés, Altesses Royales,*
*Exzellenzen,*
*Léif Kolleeginnen a Kolleegen,*
*Dir Dammen an Dir Hären,*

*en Trounwiessel ass an der Geschicht vun engem Land wéi en Epochewiessel. All Staatschef präägt seng Zäit a gëtt vu senger Zäit gepräägt.*

*Monseigneur,*

*mir erënneren eis gutt un Är Urgroussmamm, d'Grande-Duchesse Charlotte. Si steet fir d'Generatiounen, déi de Krich materlieft hunn. Si huet eis markéiert duerch hir charmant an iwwerzeegend Aart a Weis an huet Lëtzebuerg duerch schwiereg Zäite gefouert. Duerch hir weltwäit Präsenz krut eist Land seng Onofhängegkeet zeréck an eng fest Plaz op der internationaler Bün.*

*Äre Grousspapp, de Grand-Duc Jean, steet fir eng Epoque vu Wuesstum a Wandel, an där eist Land sech fundamental geännert huet a vun engem Industrie- zu engem Déngschtleeschtungsland ginn ass. Vill vun eis kënne sech gutt un hien erënneren. De Grand-Duc Jean huet op seng diskreet an empathesch Aart a Weis déi Transformatioune begleet an och representéiert.*

*Äre Papp, de Grand-Duc Henri, zesumme mat der Grande-Duchesse Maria Teresa, huet wärend 25 Joer d'Moderniséierung vun eisem Land begleet an dozou bäigedroen, datt d'Institutioun vun der Monarchie gefestegt an un d'Zäit vun haut konnt ugepasst ginn. Et ware 25 gutt Joren, déi eist Land, seng Identitéit, seng Oppenheet weiderbruecht hunn. [...]*

© CHD

